

Lëtzebuerg, den 22. Februar 2022

Här Fernand ETGEN  
Chamberspresident  
LËTZEBUERG



DEMOKRATESCH  
PARTEI

Chambre des Députés  
Groupe Parlementaire

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieten ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Wunnungsbauminister weiderzeleeden:

*„D’Zil vum Wunnegeld (subvention loyer) ass et, virun allem Stéit mat niddregem Akommes beim Bezuele vun hirem Loyer z’ënnerstëtzen. Fakt ass awer, dass laut Aussoe vum Här Wunnungsbauminister nëmme ronn 16% vun den eligibele Stéit dës Hëllef och ufroen.*

*An deem Kader wollt ech dem Här Wunnungsbauminister folgend Froe stellen:*

- Wéi vill Haiser a wéi vill Apartementer sinn aktuell zu Lëtzebuerg verlount? Wéi hunn dës Chifferen iwwer déi lescht fënnef evoluéiert?*
- Zënter der Aféierung vum Wunnegeld, wéi vill Stéit hu pro Joer zu Lëtzebuerg eng Wunneng gelount? Wéi vill dovu ware pro Joer eligibel fir d’Wunnegeld unzufroen a wéi vill dovunner hunn et effektiv ugefrot?*
- Wéi vill Demande si refuséiert ginn? Wat waren déi heefegst Grënn fir e Refus?*
- Wat sinn dem Här Minister no d’Grënn, firwat sou wéineg Leit d’Wunnegeld ufroen?“*

9, rue du St. Esprit  
B.P. 510  
L-2015 Luxembourg

Tel. : 22 41 84 1  
Fax : 47 10 07

dp@dp.lu  
www.dp.lu

Mat déiwem Respekt,

Max HAHN  
Deputéierten